LËSCHT 4

CSV

RAMMERICH



# MÉI NO.
# MÉI BEWEEGEN.

Eise Walprogramm

Notre programme électoral

O nosso programa eleitoral

Unser Wahlprogramm

# T'CSV RAMMERICH - ENG EKIPP NO BEI IECH

Di läscht Joren waren fir keen einfach. Och eng Gemeng wéi Rammerich huet sech Erausfuerderungen géigeniwwergesinn, déi keen viru 6 Joer um Radar konnt hunn. Mee och wa mer elo di Situatioun ronderëm de Covid gemeeschtert hunn, bleiwen nieft de kuerzfristeg wichtegen Decisiounen déi Entscheedungen ze huelen, déi laangfristeg Réckwierkungen op t'Liewen an eiser Gemeng wäerten hunn.

Als Ekipp hu mir all dës Aufgaben um Radar: schnell an onkompliziéiert reagéieren mat konkreten finanziellen Bäihëllefen fir all Stot awer och laangfristeg iwwerluecht Decisiounen huelen, déi eis Gemeng liewenswäert erhalen a punkto Wunnen, Aarbechtsplazen am Handel an Handwierk, Bildung a Gesondheet, eis Roll am Tourismus an an der Regioun.

Eis Infrastruktur ass erneiert a léisst elo Raum fir nei Projéten. Mir als CSV Rammerich wiere frou, wann Dir eis weiderhin äert Vertrauen géift schenken. Kuckt Iech un, wat mer am Sënn vun eiser Gemeng un Iddien hunn. Kuckt iech un, welch Ziler mer zum Wuel fir eis Gemeng hunn.

Mir sinn als Ekipp prett, di zukünftëg Erausfuerderungen fir eis Gemeng unzegoen Mir wiere frou, wann Dir eis den 11. Juni 2023 géift äert Vertrauen schenken, fir dass mir zesummen mat Iech eng gudd Politik kënnen ëmsetzen an eis Gemeng weider no fir bréngen.

***MYRIAM BINCK,***
Spëtzekandidatin

***MAT DER GANZER CSV EKIPP LËSCHT 4***
Isabelle Berg-Bâlon, Mike Bolmer, Christophe Heymes, Jacques Huberty, Louis Kauten, Sonja Kettmann, Frank Melchior, Pierre Pletschette, Anne-Marie Steimes a Marc Wagner



# LE CSV RAMBROUCH –
# VOTRE PARTENAIRE À PORTÉE DE MAIN

Les dernières années nous confrontaient tous à des situations que personne n'a su prévoir il y a 6 ans. Aujourd'hui nous voyons la fin de la situation Covid et nous avons tous contribué à surmonter cette épreuve. Le moment est venu de se tourner vers les défis qui se présentent pour les prochaines années voire des décennies.

Le travail politique communal comprend différents volets : la réaction flexible – comme nos subsides financiers pour chaque foyer- pour des situations nécessitant une solution à court terme, mais aussi une philosophie politique que définit les points de repère et dont le résultat ne devient visible à long terme : développer Rambrouch comme lieu de vie et de travail, soutenir  sa vie artisanale et commerciale, promouvoir l'éducation et la santé de tous ses habitants, affirmer  notre rôle dans la région et dans le tourisme.

Notre infrastructure est sur le terme d'être mis à neuf. Cela nous laisse la liberté budgétaire d'affronter de nouveaux projets de grande envergure. Dans ce programme vous pouvez vous faire une idée de notre engagement.

Si vous vous retrouvez dans ce programme et si vous voulez une équipe à l'écoute des citoyens et citoyennes veuillez nous honorer avec votre croix sur la liste 4 du CSV Rambrouch !

***MYRIAM BINCK*** et son équipe

Isabelle Berg-Bâlon, Mike Bolmer, Christophe Heymes, Jacques Huberty, Louis Kauten, Sonja Kettmann, Frank Melchior, Pierre Pletschette, Anne-Marie Steimes et Marc Wagner



# 1. MÉI NO UN ENGER GEMENG
# AM DÉNGSCHT VUM BIERGER

Mam Ausbau vum Gemengenhaus konnt eng modern Verwaltung en place gesat ginn an de Service um Bierger verbessert ginn. Dozou gehéiert net nëmmen d'Erweiderung an d'Moderniséierung vun der Verwaltung duerch zousätzlech Servicer, wéi den Schoulservice an ee Service fir d'Relations publiques, mee och d'Emstrukturéieren vum Atelier mat zousätzlechen Aarbechter an Ekippment.

Doriwwer eraus gouf mam neien CIS um Riesenhaff dofir gesuergt datt d'Pompjeeën an de Sauvetage an der Gemeng bleiwen an esou am Noutfall séier op der Plaz kënne sinn, a mir wëllen eis och weiderhin fir méi Policepräsenz asetzen an do och nei Weeër goen.

A punkto Sécherheet am Stroosseverkéier goufen schonn eng Rei Mesuren ëmgesat, wéi déi flächendeckend Geschwindegkeetsanzeigen an den Duerfagäng a mat Luuchten iwwerwaachten Foussgängersträifen. Bei de Stroossen déi de Ponts et Chausées ënnerleien, sinn weider Berouegungsmesuren ugefrot a Stroosseverengungen an Uertsagäng ginn gepréift.




### EIS ZILER FIR D'ZUKUNFT:

- D'Servicer vun der Gemeng méi accessibel maachen duerch méi flexibel Ëffnungszäiten a méi Servicer och digital ubidden;
- Den Ausbau vun den Relations publiques déi an Zukunft och méi strategesch Aufgaben iwwerhuelen soll – Stéchwuert „Gemengemanagement";
- Dem Bierger bei administrativen Demarchen zur Säit stoen a Form vun enger Schreifhëllef (écrivain public) an Initiativen wéi „Rambrouch digital assistance a.s.b.l." weiderhin ënnerstëtzen;
- Eng finanziell Bäihëllef fir all Bierger deen eng Berodung fir d'Sécherung vun sengem Privathaus mécht ;
- Ee konkreten Ureiz fir d'Deelhuelen un Eischt-Hëllef Coursen a Form vun engem Rauchmelder, engem Feierläscher an enger Läschdecken schafen;
- Weider Verkéiersberouegungsmoossnamen op Gemengestroossen direkt ëmsetzen an mat den Ponts&Chaussées no Léisungen fir d'Haaptstroossen sichen;
- Eng Spriechstonn beim Buergermeeschter (erëm) aféieren;
- Den Dreckskëschtenbotzservice weiderhin gratis ubidden;
- De Wanterdéngscht och op d'Fräimaachen vun den Troittoiren auswäiten;
- Free Wifi-zonen an a bei allen ëffentlechen Gebaier
- De Gemengenbongert fir d'Bierger weiderféieren a weider Pléckwisen uleeën.

# 1. PLUS PROCHE D'UNE COMMUNE AU SERVICE DU CITOYEN

Avec l'aménagement de la maison communale, une administration moderne a été mise en place et a amélioré le service aux citoyens.



L'extension et la modernisation de l'administration communale, n'impliquent pas seulement l'introduction des services supplémentaires, comme le service école et le service des relations publiques, mais également la restructuration de l'atelier communal avec des ouvriers et équipements supplémentaires.

En outre, avec le nouveau CIS du « Riesenhaff », il a été assuré que les pompiers et le sauvetage restent dans la commune et peuvent garantir un déplacement rapide en cas d'urgence. Nous souhaiterions élaborer d'autres voies à ce sujet avec p.ex. une plus grande présence de la police, …

Du point de vue sécurité sur la voie routière, quelques mesures ont déjà été mises en œuvre, comme l'installation de panneaux d'indicateur de vitesse aux entrées des villages ainsi que l'éclairage des passages pour piétons.

Au sujet des routes étatiques gérées par l'Administration des Ponts & Chaussées, des mesures d'apaisement sont demandées et l'analyse des rétrécissements de la route aux entrées des villages est en cours.

## LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- Rendre les services de la commune plus accessible avec des heures d'ouverture plus flexibles et offrir plus de services numériques.
- Le développement des relations publiques avec des prises en charge de tâches stratégiques – mot-clé « Gemengemanagement ».
- Aider les citoyens avec des démarches administratives en proposant un écrivain public et continuer à soutenir l'initiative « Rambrouch digital assistance asbl ».
- Proposer une aide financière aux citoyens qui veulent sécuriser leur maison privée.
- Incitation concrète à la participation aux cours de premiers secours sous forme d'un détecteur de fumée, d'un extincteur et d'une couverture anti-feu.
- Mettre en œuvre d'autres mesures de modération du trafic sur nos routes communales et trouver des solutions avec les Ponts & Chaussées pour les routes étatiques.
- Réintroduire une demande de permanence auprès du bourgmestre en cas de besoin.
- Continuer à garantir le lavage des poubelles gratuitement.
- Elargir le service hivernal avec également le dégagement des trottoirs.
- Une zone Free WI-FI dans et près des bâtiments publics.
- Continuation et l'élaboration de l'action « verger communal » pour les citoyens.

# 2. MÉI NO UN DER LÉISUNG VUN DER WUNNÉNGSPROBLEMATIK

D'Logementskrise, déi duerch déi rezent Entwécklungen nach ëmmer méi akut gëtt, ass och an der Gemeng Rammerich ukomm. Duerch Projeten am Kader vum bezuelbaren Wunnraum an dem Pacte logement 2.0, wéi zu Wolwen an zu Ueschdrëf, gouf dëser Entwécklung versicht entgéintzesteieren an weider Projeten an dësem Beräich sinn op der Schinn.

An eisen Aen kann den subventionéierten Wunnéngsbau awer net aleng d'Léisung vun der Wunnéngsproblematik sinn an dofir wëlle mir de Bierger vun der Gemeng Rammerich selwer eng Perspektiv op Eegentumswunnéngen bidden. Dëst wëlle mir areechen, duerch een Emdenken um Niveau vum Bebauungsplang wou d'Densitéiten an d'Méiglechkeet vun Tiny Houses a WGen gepréift ginn, an zudeem awer och als ëffentleche Promoteur nei Wunnéngen op de lokale Marché bréngen.

### EIS ZILER FIR D'ZUKUNFT:

- De weideren Ausbau vum bezuelbaren Wunnraum wéi z.B. zu Foulscht an zu Bungrëf;
- Am PAG Méigeneratiounenhaiser méiglech maachen;
- D'Entwécklung vu neien PAPen op Gemengenterrainen;
- D'Bauen an d'Verkafen vun Wunnéngen an Haiser aus ëffentlecher Hand ouni Gewënn un d'Bierger aus der Gemeng;
- D'Mobiliséierung vu private Bauterrainen a Baulücken op Basis vu Gemengeninitiativen a net duerch d'Hiewen vun der Grondsteier.



# 2. PLUS PROCHE DE LA SOLUTION AU SUJET DE LA PROBLÉMATIQUE DU LOGEMENT

La crise du logement, de plus en plus présente avec les développements récents, n'a pas épargné la commune de Rambrouch.

Dans le cadre de logements à prix abordables et du pacte logement 2.0, des projets ont été mis en place, par exemple à Wolwelange et à Arsdorf pour contrer ce développement, d'autres projets sont en cours.

La construction de logements subventionnés ne peut pas être, à notre avis, la seule solution pour affronter cette problématique. Nous voulons également offrir une perspective vers le logement en propriété.

Pour y arriver, il faut un changement de mentalité au niveau du plan d'urbanisme, où une analyse est en cours de route afin de montrer d'autres possibilités de construire. Ne citons ici que les « Tiny houses » et les habitations en colocation. En tant que promoteur public, la commune pourra également agir sur le marché local.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- Développement de l'activité « logements à prix abordables » comme à Folschette et Bigonville.
- Rendre possible dans le PAG des maisons intergénérationnelles.
- Développement de nouveau PAP sur des terrains communaux.
- Construire et vendre sans profit aux citoyens de la commune des appartements et des maisons de propriété publique.
- Mobilisation des terrains à bâtir privés uniquement sur base de l'initiative de la commune et non pas par l'augmentation de l'impôt foncier.



# 3. MÉI NO UM SPORT



D'Gemeng Rammerich ass haut gutt opgestallt wat de Kompetitiounssport betrëfft an ass d'Heemecht vu ganz aktiven an erfollegräiche Verainer, déi vill Memberen zielen. Mat der Schwemm konnt d'Angebot vum Schoulsport an der Gemeng erweidert ginn an de Fräizäitsport, zu deem d'Yoga- an Pilatescoursen, d'Danzcoursen oder Lafgruppen zielen, ass a voller Entwécklung.

Datt dës positiv Entwécklung eng Zukunft huet, mussen dem Sportswiesen an der Gemeng och déi néideg Mëttel zur Verfügung gestallt ginn, dëst souwuel um infrastrukturellen, finanziellen wéi och um administrativen Plang. De Sport an alle senge Formen verbënnt Leit an ass domat ee wichtegt Element fir déi sozial Kohesioun a sollt dofir och op déi voll Ennerstëtzung vun der Gemeng ziele kënnen.

Heifir wëllen mir eng zentral Ulafstell a Form vun engem Gemengemanager schafen deen de Veräiner zur Säit steet fir hier Aktivitéiten ze organiséieren an ënnereneen ze koordinéieren a selwer weider Sportaktivitéiten vun der Gemeng aus organiséiert.

### EIS ZILER FIR D'ZUKUNFT:

- Eng nei modern Dräifachsportshal zu Kietscht déi oppen fir all Veräiner a Bierger ass an je no Besoin agedeelt ka ginn;
- An der neier Sportshal sollen och eng Buvette mat Tribün a genuch Vestiairen ënnerkommen;
- D'Schwemm soll méi accessibel fir de Publik gemaach ginn an dat duerch méi flexibel Ëffnungszäiten an eng erweidert Offer u Coursen;
- D'Sportangebot fir d'Awunner aus der Gemeng duerch ee Fitnessstudio an organiséiert Coursen erweideren;
- Ee Multisport op all gréisserem Duerf;
- D'Schafen vu multifunktionalen Beweegungsraim déi fir de Fräizäitsport a vu Privatpersounen genotzt kënne ginn;
- Nei Outdoorsportangeboter, wéi ee Lafcircuit oder ee Beachvolleyballterrain, unzesidelen;
- Weider Outdooraktivitéiten, wéi d'Velofueren, d'Lafen an d'Wanderen, duerch d'Opstellen vu Velostatiounen an E-bike Luedesailen fërderen an Drénkwaasserstatiounen opriichten;
- Eng zentral Ulafstell op der Gemeng schafen fir d'Koordinatioun vum lokale Kompetitiouns- a Fräizäitsport a sengen Acteuren och am Zesummenhang mat der Maison relais;
- Déi finanziell a materiell Ennerstëtzung vum Sport an der Gemeng weider héichhalen.

# 3. PLUS PROCHE DU SPORT

La commune de Rambrouch est fière des résultats excellents concernant le sport de compétition et du sport de loisir sous l'égide de clubs très actifs et performants.

La piscine a permis d'élargir l'offre de sport scolaire et du sport de loisirs. Aujourd'hui on compte une panoplie de cours allant du yoga et de Pilates, des cours de danse jusqu'aux groupes de course. La vie sportive est en plein développement.

Pour que cette évolution positive ait un avenir, il faut mettre à la disposition des clubs de la commune les moyens nécessaires aussi bien sur le plan d'infrastructure, financier mais également administratif.

Le sport sous toutes ses formes est un élément important de la cohésion sociale et doit pouvoir compter sur le soutien de la commune.



Pour cela, nous voulons créer un point de contact central sous la forme de « manager communal » qui sera aux côtés des clubs pour organiser et coordonner leurs activités afin de continuer en sérénité leurs activités sportives.

## LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- Construction d'une nouvelle salle de sport moderne à Koetschette qui sera ouverte à toutes les associations et à tous les citoyens et qui pourra être subdivisée selon les besoins.
- Le nouveau gymnase est prévu d'abriter une buvette avec tribunes et suffisamment de vestiaires.
- La piscine sera rendue plus accessible au public, avec des horaires d'ouverture plus flexibles et une offre de cours plus élargie.
- Elargir l'offre sportive pour les habitants de la commune par une salle de musculation et des cours organisés.
- Un terrain multisport dans les plus grands villages de la commune.
- Créer des espaces multifonctionnels pour le sport de loisirs utilisables par les particuliers
- Installer de nouvelles offres de sports en plein air, comme des circuits pour course à pied ou terrain de beach-volley.
- Promouvoir d'autres activités en plein air comme le vélo, la course à pied et la randonnée en installant des stations de vélos, des bornes de recharge pour vélos électriques et également des stations d'eau potable.
- Créer un point de contact central à la commune pour la coordination du sport de compétition et de loisirs, également avec la collaboration de la maison relais.
- Continuer de maintenir le soutien financier et matériel de sport pour les clubs de la commune.

# 4. MÉI NO UN DER WIRTSCHAFT, DEM HANDEL AN DEM TOURISMUS

Ee Schicksal vu villen ländlechen Gemengen haut ass datt se zu „Dortoirsgemengen“ ginn wou d’Leit just nach hikommen fir ze schlofen. Op Gemengeninitiativ hin goufen am Zentrum vun der Gemeng nei Commerceflächen a Gemengenhand geschaf fir dësem negativen Trend Rechnung ze droen a mam Guichet Unique PME bidd d’Gemeng eng Berodungsstell fir d’Usidelen vu weideren klengen a mëttelstännegen Betriber un.

Doriwwer eraus gouf am PAG séchergestallt datt an den Duerfkären och weiderhin Commerce kënnen entstoen, sief et a Form vu Geschäfter, Start-ups oder Coworking-spaces an et gouf d’Méiglechkeet geschaf verschidden Aktivitéitszonen ze erweideren, dorënner déi um Riesenhaff. Nieft dem Commerce an dem Handel gehéieren och déi landwirtschaftlech Betrieber an d‘Gemeng, dofir wëllen mir suergen datt dës och weiderhin eng Plaz an Entwécklungsméiglechkeeten an der Gemeng hunn.

An enger lieweger Gemeng brauch et och ee gesonden Horeca- an Tourismussekteur deen der lokaler Bevëlkerung eng Plaz bitt fir zesummenzekommen an och deene vu baussen d’Méiglechkeet gëtt eis schéi Gemeng besichen ze kommen. Hei wëllen mir déi scho bestoend Acteuren an der Gemeng, wéi d‘Maarteler Leekollen mam Schiefermusée, weider ënnerstëtzen an d’Offer op weidere Plazen, wéi um Camping zu Houltz oder zu Rammerich ausbauen.

## EIS ZILER FIR D’ZUKUNFT:

- Den Duerfkär vu Rammerich duerch eng „maison du terroir“ opwäerten mat ënner anerem engem Restaurant mat Café an Epicerie am Scheekenhaus;
- De Camping zu Houltz zum Naturcamping mat Bamhaiser a Giten ëmbauen
- D’Netz un Velo- a Wanderweeër weider ausbauen a mat Waasserstatiounen oprëschten;
- Den Tourismus stäerken duerch d’Schafen vun Iwwernuechtungsméiglechkeeten a Form vun Giten am Scheekenhaus.





# 4. PLUS PROCHE DE L'ÉCONOMIE, DU COMMERCE ET DU TOURISME

Le destin de nombreux villages ruraux aujourd'hui est de devenir des villages « dortoirs », où les gens ne viennent plus que pour dormir.

A l'initiative de la commune, de nouvelles surfaces commerciales ont été créées dans le centre de la commune pour répondre à cette tendance négative.

De plus avec le guichet unique PME, la commune offre un service de conseil pour l'implantation d'autres petites et moyennes entreprises.

En outre, il a été assuré sur le PAG que le commerce puisse continuer à se développer au centre des villages, qu'il s'agisse de boutiques, de start-ups ou d'espaces de coworking, … et il existe des opportunités d'étendre diverses zones d'activités, y compris celle du Riesenhaff.

Les activités des exploitations agricoles de la commune sont un pilier de notre économie communale. Nous voulons assurer qu'elles continuent d'avoir une place et des opportunités de développement au sein de notre commune.

Dans une commune vivante, il faut aussi un secteur HORECA et touristique de qualité qui offre à la population locale un lieu pour se rencontrer et à ceux qui viennent de l'extérieur la possibilité de découvrir notre région.

Nous voulons continuer à soutenir les acteurs existants dans notre commune tels que le musée de l'Ardoise à Haut-Martelange et d'élargir l'offre sur différents sites comme le camping à Holtz ou encore d'autres activités à Rambrouch autour du noyau central de la place publique.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- Améliorer le centre du village de Rambrouch en aménageant une maison du terroir avec entre autres un restaurant avec un café et épicerie dans la maison « Scheekenhaus »
- Réaménager le camping de Holtz avec des gîtes et cabanes dans les arbres.
- Développer davantage le réseau de pistes cyclables et de randonnées et les équiper de stations d'eau potable.
- Renforcer le tourisme en créant des hébergements de nuit sous forme de gîtes dans la maison « Scheekenhaus ».





# 5. MÉI NO UN DER ËMWELT AN DER NATUR

Haut kann sech kee méi virum Klimawandel oder dem Biodiversitéitsverloscht verschléissen. Dofir huet d'Gemeng Rammerich hier Hausaufgaben gemaach an déi staatlech Bäihëllefen zum Schutz vun der Ëmwelt fir Privater duerch eege kommunal Bäihëllefen erweidert. Donieft goufen gréisser a klenger Ëmweltmesuren wéi den Ausbau vun de Kläranlagen, d'Planzen vu Beem an d'nohalteg Bewirtschaftung vun de Gemengebëscher, d'Opstellen vun Insektenhoteler oder d'Renaturéierung vu Baachen, wéi op der Roumicht ëmgesat.

Nieft dësen fir eis mëttlerweil natierlechen Hausaufgaben vun enger Gemeng, däerf et awer net nëmmen bei begleedende Moossnamen bleiwen mee et muss proaktiv gehandelt ginn. Investitiounen an erneierbar Energien an d'Energieeffizienz am Kader vum Klimaschutz an der Nohaltegkeet sinn kee Luxus mee eng Investitioun an d'Zukunft. Hei wëllen mir souwuel am ëffentlechen wéi och am private Raum nei Weeër goen.



### EIS ZILER FIR D'ZUKUNFT:

- De Schoul- a Sportcampus zu Kietscht am Kader vun engem Projet „phare“ zu engem Energieplus-campus entwéckelen, dee méi Energie produzéiert wéi e verbraucht;
- De Monitoring an d'Sanéierungstrategie vun de Gebaier a Gemengenhand weiderféieren, den CO2-Foussofdrock reduzéieren;
- Weider PV-Kapassitéiten op den Diecher vun den ëffentlechen Infrastrukturen feststellen an ausbauen;
- Beim Hëtzen vun den ëffentleche Gebaier op Mazout verzichten an op nowuessend Rohstoffer wéi z.B. Holzhackschnëtzel setzen an de Bestand ëmrëschten
- Duerch déi virgenannt Mesuren mëttelfristeg zur CO2-Neutralitéit bei de Gemengegebaier ze kommen an dat iwwer déi nächst zwou Legislaturen;
- Weiderhin de privaten Ëmweltschutz mat kommunale Subsiden ënnerstëtzen an déi héich kommunal Bäihëllefen op PV-Anlagen bäibehalen;
- D'Bäihëllefen op den Haushaltsapparater op Basis vun de Präishaussen adaptéieren;
- Eng modern an nohalteg Bautepolitik déi um Niveau vum PAG an PAP der Flächenversigelung z.B. duerch Steegäert an der Liichtverschmotzung an doduerch dem Insektenstiewen Rechnung dréit;
- D'Stroossebeliichtung an d'Beliichtung vun den Gebaier konsekuent op LED ëmrüsten;
- Méi a méi sécher Foussgängerweeër a Vëlosweeër tëschent den Dierfer fir d'Mobilité douce ze ënnerstëtzen a net nach weider Busser op d'Strooss ze bréngen;
- Konkret Ausdeelaktiounen vu Planzen a Sträicher un d'Bierger;
- D'Zesummenaarbecht mat de landwirtschaftleche Betriber stäerken a beim Ëmweltschutz zesummeschaffen z.B. duerch eng finanzéiert Berodung;

# 5. PLUS PROCHE DE L'ENVIRONNEMENT ET DE LA NATURE



De nos jours personne ne peut ignorer le changement climatique ou la perte de la biodiversité.

La commune de Rambrouch a bien fait ses devoirs en la matière et a rétribué les aides de l'Etat à la protection de l'environnement pour les particuliers avec ses propres aides communales.

En outre, des mesures environnementales plus ou moins importantes ont été mises en œuvre, telles que la construction de nouvelles stations d'épuration, la plantation d'arbres, la gestion durable des forêts de la commune, l'installation d'hôtels à insectes et la renaturation des cours d'eau comme à la Roumicht.

Ces devoirs semblent désormais naturels pour une commune, toutefois il ne faut pas se limiter à des mesures d'accompagnement mais il faut agir de manière proactive.

Les investissements dans les énergies renouvelables et l'efficacité énergétique dans le cadre de la protection du climat et de la durabilité ne sont pas un luxe, mais un investissement dans l'avenir.

Nous voulons prendre de nouvelles voies que ce soit du point de vue public ou privé.

## LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- Faire évoluer le campus scolaire et sportif de Koetschette dans le cadre d'un projet « phare » vers un campus à énergie positive, c'est-à-dire un campus qui produit plus d'énergie qu'il n'en consomme.
- Effectuer un monitoring énergétique et la stratégie de rénovation des bâtiments publics appartenant à la commune pour réduire l'empreinte carbone.
- Déterminer et développer la capacité d'une installation photovoltaïque à installer sur les toits des infrastructures publiques.
- Eviter d'utiliser du mazout pour chauffer les bâtiments publics et utiliser des matières premières renouvelables telles que les copeaux de bois et de transformer les équipements existants.
- Avec les mesures précitées, essayer d'arriver à moyen terme à la neutralité carbone sur les bâtiments publics.
- Continuer à soutenir la protection de l'environnement privée avec des subventions communales importantes lors de l'installation d'une photovoltaïque.
- Adapter les aides sur les appareils ménagers en fonction des hausses de prix.
- Une politique de construction moderne et durable au niveau des PAG et PAP qui agit également sur l'étanchéité superficielle par les jardins de rocaille ou encore la pollution lumineuse qui nuisent beaucoup à la faune des insectes
- Convertir l'éclairage public et l'éclairage des bâtiments en LED.
- Développer et sécuriser les voies piétonnes et cyclables entre les villages pour une mobilité douce et ne pas augmenter le nombre de bus sur les routes.
- Organiser des campagnes de distribution de plantes et arbustes aux citoyens.
- Renforcer la coopération avec les exploitations agricoles et travailler ensemble sur la protection de l'environnement en prenant recours à des experts financés par la commune.

# 6. MÉI NO BEIM DRËTTEN ALTER

Sech doheem wuelfillen an di néideg sozial a medizinesch Ënnerstëtzung hunn, war an ass der CSV Rammerich fir di eeler Bierger a Biergerinnen wichteg. Si hunn eis Gesellschaft opgebaut an hunn och am Alter eise Respekt an Ënnerstëtzung zegutt. Grad hiert Engagement an hiert Wëssen hunn ee groussen Afloss op den Zesummenhalt an enger Gemeng. Dofir gouf an de läschte Joeren intensiv de milliouneschwéiere Projet fir een Alterspflegeheim op dem Territoire vun der Rammericher Gemeng virugedriwwen sou datt elo dem Bau näischt méi am Wee steet.

„Iessen op Rieder“ gouf an de läschte Joeren ugepasst an och eis alljährlech „Feier vum Drëtten Alter“ hat e grousse Succès.

Mat der neigegrënnter ASBL Rambrouch Digital Assistance ass eng Plaz geschaf ginn, fir och eelere Leit ze hëllefen, wann si eppes mussen iwwert Internet regelen oder wann si eng App mussen installéiert kréien.

Doriwwer eraus soll op der Gemeng eng zentral Ulafstell geschaf ginn wou all Bierger am Alter spezifesch Berodung fënnt wann et a Richtung vun administrativen Demarchen geet, z.B. bei Steierfroen, staatlechen Hëllefen, beim altersgerechten Ëmbau vu sengem Logement oder d’Umeldung an eng Maison des soins, an och Informatiounen iwwer Aktivitéiten fir den drëtten Alter wéi z.B. den Senior Club Atertdall.

## EIS ZILER FIR DI NÄCHST JOEREN:

- Ee Spadséierwee vum Site vum Alterspflegeheem zu Kietscht bis an den Zentrum vu Rammerich uleeën;
- Een Areal fir Bewegungstraining konzipéieren, wou suwuel Kanner wéi eeler Leit sech mat Spass kënne fit halen;
- An Zesummenaarbecht mam Alterspflegeheem e klengen gastronomesche Betriib initiéieren, wou d‘Leit sech kënne begéinen;
- De Schnéidingscht fir eeler Matbierger ausbauen;
- D’Konzept vum Méigeneratiounenhaus oder Wunngemeinschaften ënnerstëtzen;
- Altersgerecht Coursen, wéi zum Beispill Yoga 60+ fir eeler Leit ubidden;
- Bei Nofro een Transport zu den Aktivitéiten vum Senior Club Atertdall ubidden.





# 6. PROCHE DE NOS SENIORS

Se sentir bien dans sa peau, avoir accès au soutien social et médical dont chacun et chacune a besoin, voilà un but primordial des années passées et des années à venir pour le CSV Rambrouch. Nos seniors ont construit notre société et ont bien mérité notre support pour profiter de leur retraite. Leur engagement et leur savoir est une plus-value pour la cohésion de notre communauté.

Les dernières années ont été marquées par la préparation d'une construction d'une maison de retraite sur le site de Koetschette. Des années de négociations ont finalement été couronnées de succès : trouver le meilleur partenaire, la mise à disposition du terrain, les études concernant le site, toutes les démarches administratives et budgétaires jusqu'à l'obtention des permissions ministérielles permettent dans le futur proche une structure d'accueil pour nos seniors qui aiment rester sur les terres où ils ont vécu, travaillé et fondé leurs familles.

Notre service „Repas sur roue » a été adapté au souhait des citoyens et citoyennes. Notre fête annuelle pour le troisième âge, après les années de Covid, a repris sa place dans l'agenda et présente un moment de rencontre et convivialité qui connaît un grand succès.

Avec la création de la nouvelle association « Rambrouch Digital Assistance asbl » à Bigonville, les seniors ont dorénavant un lieu pour se familiariser avec le monde digital. Envoyer ou recevoir des mails, un souci avec l'installation d'une application sur le portable, des problèmes avec le système de navigation de la voiture : il y a maintenant une équipe à qui on peut s'adresser.

Notre « Senior Club Atertdall » a proposé tout un éventail d'activités afin de garder autonomie et qualité de vie.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- La création d'un chemin sécurisé allant de la maison de retraite à Koetschette jusqu'au centre de Rambrouch avec ses infrastructures médicales et paramédicales;
- Favoriser la rencontre par une aire pour activités physiques adapté au besoin des jeunes et des moins jeunes;
- Avancer en collaboration avec la maison de retraite la création d'un petit établissement gastronomique;
- Élargir les services d'hiver pour les seniors de notre commune;
- Soutenir le concept du logement intergénérationnel et colocations;
- Proposer des activités adaptées comme par exemple Yoga 60+ dans notre commune;
- Organiser le transport si demande il y en a pour les activités du Senior Club Atertdall
- La création ;d'un service unique par le « Gemengemanager » de la commune pour accompagner nos citoyens et citoyennes dans leurs démarches administratives. Un service personnalisé concernant fiscalité, demandes d'autorisation, demandes de subside étatique, l'inscription dans une maison de soins et informations sur les activités proposées pour nos seniors.

# 7. MÉI NO BEI EISE KANNER

Eis Kanner sinn eis Zukunft. Mir hunn di läscht Joeren konsequent un de néidege Rahmenbedingungen fir si geschafft. Eise Schoulcampus zu Kietscht gouf ëmmer rëm un di nei Usprěch ugepasst an dat bleift selbstverständlech och an Zukunft esou. An eis Schoulsäll, Maison Relais, Crèche, Sportskomplex mat Piscine an dem ganzjähreg notzbaren Fussballsfeld, der ofwiesslungsräicher Spillplaz a Schoulgaart a lo kuerz nach weider Schoulsäll an engem Modularsystem gouf substantiell investéiert. Eis Kanner sollen sech an dësem Ëmfeld absolut wuelfillen an an hirem eegenen Rhythmus hir Zäit ausserhalb vun de Schoulstonnen kënne verbréngen. Hire Besoin no Rou soll genausou respektéiert gi wéi hire Wonsch no Aktivitéit.



Nierft den Infrastrukturen ass di Rammericher Gemeng awer och finanziell an de Crèches zu Ell, zu Räichel an am Sportskreess Atert wéi och an der Musikschoul Kanton Réiden vertrueden. All eis Veräiner an Associatioune goufen a ginn an hirer Kanner- a Jugendaarbecht selbstverständlech vun der Gemeng ënnerstëtzt.

### EIS ZILER FIR DI NÄCHST JOEREN:

- Nach besser adaptéierten Neibau fir eis Kanner vun eiser Crèche a Maison relais am Respekt vun hire Besoinen
- Installatioun vun Multisportanlagen an altersgerechte Spillplazen an eisen Dierfer
- Bereetstellen vum néidegen digitale Material wéi Tablets an elektronesch Tafelen fir een zäitgeméissen Schoulunterricht dee gudd op de Secondaire fierbereet
- Ënnerstëtzen vu Projets ronderëm d'Erlebnis- an Naturpädagogik
- Bau vun integrativen an generatiounsiwwergräifende Spillplazen (fir Kanner am Rollstull oder Leit mat physesche Schwieregkeeten)
- Weiderhin d'Fuerderung no engem Direkteschposten an engem psychologësche Service och am Fondamental ënnerstëtzen
- Mir ënnerstëtzen d'Bildung vun enger neier Elterevereenegung
- Mir behalen di finanziell Ënnerstëtzung beim Kaf vu Schoulmaterial bäi
- De Busbegleederservice ausbauen
- Nohëllefstonnen ubidden

# 7. PROCHE DE NOS ENFANTS

Nos enfants sont les garants de notre avenir. Les années passées nous avons continuellement adapté et amélioré les infrastructures nécessaires pour nos petits. Le Campus du site Koetschette change au fur et à mesure selon les nouvelles approches pédagogiques qui visent le bien-être des tout-petits et des écoliers.



Des investissements importants ont été effectués dans nos salles de classe, la maison relais, la crèche, les équipements et infrastructures de sports avec la piscine et le terrain de foot utilisable durant toute l'année, les aires de jeux et le jardin pédagogique.

Les enfants doivent trouver à tout moment un lieu parfaitement adapté à leurs besoins et leur rythme, notamment en dehors des heures scolaires. Leur soif d'activités ainsi que leur besoin de calme et de réflexions doivent être honorés pour assurer leur développement scolaire et épanouissement personnel.

L'engagement en finance et industrie de la commune de Rambrouch auprès du « Sportkreess Atert », des crèches de Ell et Reichlange et de l'école de musique du canton de Redange resteront de vigueur.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- La construction d'une toute nouvelle maison relais et crèche encore mieux adapté aux besoins des enfants;
- La construction d'installations multisports et aires de jeux dans nos villages;
- La mise à disposition de matériel digital nécessaire comme tablettes électroniques et tableaux interactifs pour bien préparer le départ à l'enseignement secondaire;
- Encourager et soutenir les projets en éducation expérientiel et l'éducation à la nature;
- Construction d'aires de jeux sous l'angle de l'inclusion pour les personnes à mobilité réduite;
- Persévérance dans notre revendication pour la création du poste de directeur et d'un service psycho-pédagogique dans les écoles fondamentales;
- Soutien de la création d'une nouvelle association des parents;
- Le subside pour l'achat du matériel scolaire restera en vigueur.

# 8. MÉI NO BEI DER JUGEND

Jonker déi um Sprong an hirt eegent Liewen sinn, brauchen hautesdags méi wéi jee eng Begleedung a  Wäertschätzung vun eis all. D'CSV-Fraktioun huet de System vum Elève méritant op de Leescht geholl, fir  nierft eise Classique a Général-Schüler a Schülerinnen och déi ze valoriséieren, déi sech an enger handwierklécher Ausbildung bewegen. Beruffsënnerstëtzend Mossnahmen wéi „Youth and Work", d'Aarbecht vum Réidener Jugendhaus mat der Annexe zu Holtz goufen finanziell an um Terrain ënnerstëtzt. Flott international LEADER-Projeten, wéi den „Art-Tour" hunn eise Jonken d'Dir an d'Welt opgemaach. Subsiden beim Ofschloss vun enger schouléscher oder akademéscher Aarbecht soll eis Unerkennung ausdrécken.

## EIS ZILER FIR DI NÄCHST JOEREN:

- Bau vun engem Scoutschalet;
- Nei Wunnkonzepter wéi Méigenerationenhaiser ënnerstëtzen;
- Eise Veräiner bei speziell ausgeriichte Jugendprogrammen zur Säit stoen;
- Organisatioun vun Activitéiten am Héiltzer Jugendhaus;
- Ënnerstëtzung vun eise Jugendveräiner;
- Bei gemeinsame Sortien op national Festivitéiten, wéi z. Bsp op Open Air Festivals vun den Club des Jeunes aus eiser Gemeng, iwwerhëllt d'Gemeng zweemol pro Joer d'Transportkäschten.





## 8. PROCHE DE NOS JEUNES

De nos jours, les jeunes qui se préparent à devenir indépendants ont plus que jamais besoin d'un accompagnement et du support bienveillant de nous tous. Pour cette raison, la fraction du CSV a eu l'idée de revoir notre système de valorisation par le biais des subsides pour élèves et étudiants méritants. Nos jeunes qui s'orientent vers un apprentissage artisanal reçoivent dorénavant comme ceux du secondaire classique une récompense pour leurs efforts de la part de la commune. Dans cette logique découlait l'extension sur les étudiants et apprentis finissant leurs études avec un diplôme.

Notre commune s'investisse financièrement dans l'association « Youth and Work » qui soutient l'initiation à la vie active des jeunes, ainsi que les activités du « Jugendhaus Réiden » avec son annexe à Holtz. Des projets internationaux au sein du LEADER comme le « Art-Tour » ont donné à un nombre de jeunes la possibilité de rencontrer à travers l'Europe d'autres jeunes et d'élargir leur champ de vision.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- La construction d'un chalet pour notre section des scouts « Rammericher Fräschen »;
- Promouvoir les nouvelles idées autour du logement comme les habitations intergénérationnelles;
- Accompagner nos associations dans l'élaboration de programmes spécifiques pour jeunes;
- Soutenir l'organisation d'activités dans l'annexe du « Jugendhaus Réiden » à Holtz;
- Soutien de nos club des jeunes;
- Financer le transport de deux sorties (p.ex. la visite d'un festival Open Air) sur le territoire luxembourgeois organisées collectivement par tous les clubs des jeunes de la commune.



# 9. MÉI NO BEI EISE VERÄINER

Eis Veräiner sinn de wichtegsten Partner fir e gudd Zesummeliewen an Integratioun an der Gemeng. Hei léieren sech Leit kennen an et entsteet e Gefill vun Heemecht, och fir di Leit vu baussen. Dofier wär an ass et der CSV Rammerich wichteg, si sou gudd wéi méiglech ze ënnerstëtzen. All Veräin soll kënne flott Aktivitéiten organiséieren fir alle Bierger a Biergerinnen eppes unzebidden, wat si interesséiert.

Nierft de klasséschen Subsiden wëllen mir dofir nach méi zum Uspriechpartner vun eise Veräiner ginn. Ee Veräin ze grënnen ass net sou einfach an och de Generatiounewiessel bréngt heiansdo Problemer mat sech, déi duerch eng Gemeng als Partner méi schnell kënne geléist ginn.

Dofir wëlle mir een Gemengeservice a Form vun engem Gemengemanager en place setzen deen de Veräiner berodend zur Säit steet, z.B. bei der Umeldung vun enger A.s.b.l., an d'Kommunikatioun ënnert de Veräiner an och tëschent de Veräiner an der Gemeng verbessert.

### EIS WEIDER ZILER FIR DI NÄCHST JOEREN:

- Bau Buvette fir de Päreler Fussball;
- Erneierung vun de Serviceberäicher wéi Kichen, Toiletten etc vum Päreler Centre culturel;
- Bau vun engem neien Proufsall fir de Folschter Gesank;
- Ënnerstëtzung bei der Organisatioun vun Evenementer;
- Opbau vun engem „Fuhrpark" mat Spullwon, Frigo a Gedrénkswon fir auszeléinen;
- Weider Konstruktion vu Verkaafshaisercher, wéi déi vum Krëschtmaart;
- Opbau vun engem gratis ausléinbare Stock u Parzelläin a Glieser;
- Konkret Opbauhëllef durch eis technesch Ekipp;
- Bei Bedarf eng Begleedung duerch eis Duerfmanagerin.



# 9. PROCHE DE NOS ASSOCIATIONS

A côté de l'école, nos associations sont les actrices les plus importantes pour faire avancer l'intégration et l'échange entre les habitants de la commune. Durant leurs activités, des amitiés se créent et l'individu peut développer des « racines ». Cette création d'un environnement amical est d'une immense importance pour le CSV Rambrouch qui s'engage à promouvoir les rencontres et activités proposées par nos clubs de sport, d'art, associations d'intérêts etc.

Durant les années passées, la commune a déjà entamé une démarche de soutien intensifié en faveur de nos associations entre autres par l'adaptation de subsides. Ainsi, le changement des générations peut confronter un club à des problèmes et il a besoin de recours. Le CSV Rambrouch se veut être le partenaire pour dépasser un cap difficile et reste la première adresse concernant l`organisation et mise en musique de projets.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- La construction de la nouvelle buvette pour le club de football à Perlé;
- La rénovation du centre culturel de Perlé;
- La construction de la nouvelle salle de répétition pour la chorale de Folschette;
- Soutien lors de l'organisation d'activités;
- L'acquisition et la mise à disposition de frigo, station de vaisselle et stand de boissons mobiles;
- La construction de nouvelles cabanes de vente;
- L'acquisition et la mise à disposition d'un stock en porcelaine et verres;
- Un coup de main professionnel par notre service technique;
- La création du service du « Gemengemanager » qui accompagne les associations dans leurs démarches administratives et qui facilite voire entame l'échange entre les différents clubs et l'administration communale.



# 10. MÉI NO BEI EISER KULTUR AN TRADITIOUN

Eis Kultur ass ee wichtege Bestanddeel vun eiser Identitéit. Dofir huet t'CSV Rammerich ëmmer drop gehal, dee Patrimoine culturel, dee mer hunn, ze versuergen, fir de Public zougänglech ze halen an ze erhalen. Net alles kann do an den Hänn vun enger Gemeng bleiwen, wäll oft eng grouss Expertise verlaangt ass. Mee ob dat elo den europäësch wichtege Musée vun de Maarteler Leekollen ass oder den Inventaire an t'Gebailéchkeeten vun eise Kierchen, dës Elementer vun eiser Kultur brauchen eng schützend Hand, déi mir gären gebueden hunn.

Gebaier eleng bréngen awer näischt, si musse mat Liewe gefëllt ginn: dofir gouf zesummen mat de Veräiner gekuckt, welch Viraussetzungen si brauchen, fir mat Freed hirem Engagement nozegoen. Speziell Säll, konkret Ënnerstëtzung vum Gemengentechnikerservice bei Evenementer a finanziell Ënnerstëtzung fir Activitéiten sinn a bleiwen d'Basis vun eisem Asaz fir eis Konscht- a Kulturszen.

Ee neit Element am Kontext vun Traditioun soll och d´Nohaltegkeet ginn: sou wéi eis Bicher- a Spillkëschten soll dem Gedanken vum Erhalen méi ee grousse Wäert zougemoss ginn.

### EIS ZILER FIR DE NÄCHST JOEREN:

- Eisen architekturalen Patrimoine wéi Kierchen, t'Hoffmannshaus an t'Scheekenhaus weider gudd ze erhalen an nei Notzungsméiglechkeeten ze entwéckelen
- Regional Traditiounen wéi zum Beispill Kiermes, Klibberen, Liichtegoen, Krëschtmaart, Nationalfeierdag an net zuläscht de Fierkelsmaart erhalen, weider ausbauen oder awer erem nei beliewen
- D'Kreatioun vun engem substantielle Budget participatif, wou Eenzelner an Associatiounen d'Gelegenheet kréien, selwer ee gréissere Projet ëmzesetzen mat der finanzieller Ennerstëtzung vun der Gemeng
- Den Embau vum Scheekenhaus zu Rammerich an eng „Maison du terroir" als Begéignungsplaz mat klengem Buttick an Ausstellungsraum fir eis Künstler a Künstlerinnen
- Duerfliewen héichhalen





# 10. PROCHE DE NOTRE CULTURE ET DE NOS TRADITIONS

Notre culture est un élément substantiel de notre identité. Une identité confirmée permet l'ouverture vers autrui. C'est en fait une des raisons pourquoi le CSV a toujours soutenu la conservation et le développement de notre patrimoine culturel, de la musique, du théâtre, de préserver le patrimoine concret et idéel et de permettre l'étude des œuvres fabriquées il y a longtemps. L'expertise réduite d'une administration communale doit naturellement céder le pas aux scientifiques lorsqu'il s'agit d'un patrimoine d'une valeur culturelle européenne comme les « Maarteler Leekollen ». Ce joyau de l'histoire industrielle ainsi que le patrimoine de nos bâtisses religieuses ont profité de la main protectrice de la Commune de Rambrouch durant les années passées.

Les édifices à eux seuls restent stériles, il faut la vivification par les activités des citoyens et citoyennes. A cette approche s'ajoute l'idée de la durabilité et du respect : un élément de cette philosophie s'est réalisé par l'installation des « Spill- a Lieskëschten » qui sont fréquemment visitées par les gens de notre commune. L'engagement des années à venir suivra la logique de garder les valeurs d'antan.

### LES BUTS DU CSV POUR LES ANNÉES À VENIR :

- Préserver notre patrimoine architectural comme par exemple nos églises, les maisons Hoffmann et Scheeck au centre de Rambrouch et de développer de nouvelles formes d'utilisations;
- Soutenir, promouvoir et développer le patrimoine idéel comme les « Kirmes », le « Liichtegoen », le « Klibberen », la fête nationale et aussi le « Fierkelsmaart » , ancienne tradition qui a connu une véritable résurrection;
- La création d'un « Budget participatif » qui offrira aux individuels comme aux associations d'élaborer un projet d'une plus importante envergure au profit de notre commune;
- L'aménagement du site classé du Scheekenhaus en « Maison du terroir » avec des salles d'exposition pour nos artistes et petit commerce.





# MÉI NO.
# MÉI RAMMERICH.

LËSCHT 4



RAMMERICH

# CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

CSV

| | | |
|---|---|---|
| Myriam BINCK | | |
| Isabelle BERG-BÂLON | | |
| Mike BOLMER | | |
| Christophe HEYMES | | |
| Jacques HUBERTY | | |
| Louis KAUTEN | | |
| Sonja KETTMANN | | |
| Frank MELCHIOR | | |
| Pierre PLETSCHETTE | | |
| Anne-Marie STEIMES | | |
| Marc WAGNER | | |

# ÄR EQUIPE
## FIR D'GEMENGEWALEN 2023



Myriam BINCK



Isabelle BERG-BÂLON



Mike BOLMER



Christophe HEYMES



Jacques HUBERTY


Louis KAUTEN


Sonja KETTMANN


Frank MELCHIOR


Pierre PLETSCHETTE


Anne-Marie STEIMES


Marc WAGNER

CSV RAMMERICH

LËSCHT 4



O nosso programa eleitoral

Unser Wahlprogramm



WEB

FACEBOOK

rammerich.csv.lu

CSV Rammerich